N°3157
Entrée le 03.12.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

**Äntwert vum Premierminister op d'parlamentaresch Fro n°3157 vum 4. November 2025 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen.**

1. **Wéi oft huet den Ex-Wirtschaftsminister Schneider ee Kontakt tëscht Firmen an aktuelle Regierungsmemberen oder héije Staatsbeamte vermëttelt?**

   Dem Staatsministère si keng sou Kontakter bekannt.

2. **Bei wéi ville vun dëse Reunioune gouf de Kontakt op Invitatioun vum Här Schneider oder Firmen, wou den Här Schneider Participatiounen huet, geholl?**

   Duerch déi negativ Äntwert op d'Fro 1, entfält dëst Fro.

3. **Goufe fir dës Reuniounen, am Kader vun de Reuniounen oder am Zesummenhang mat esou Reuniounen iergendwellech Honorairë bezuelt? Falls jo, wéi vill?**

   Duerch déi negativ Äntwert op d'Fro 1, entfält dëst Fro.

4. **Wéi vill vun deene 5,87 Millioune goufen am Zesummenhang mat Visite mat der Regierung un d'Consultingfirma ausbezuelt?**

   D'Regierung huet keen Abléck an déi intern Zuele vun enger privater Firma. Dëst ass eng Fro fir déi betraffe Firma.

5. **Krute Firme vum Ex-Wirtschaftsminister oder déi vum Ex-Wirtschaftsminister berode goufen, staatlech Hëllefen oder Subsiden ausbezuelt?**

   Dem Staatsministère si keng staatlech Hëllefen oder Subside bekannt fir d'Firma vum Ex-Wirtschaftsminister. De Staatsministère huet keen Abléck doranner, wien zu de Clientë vun där Firma zielen.

Lëtzebuerg, den 3. Dezember 2025.

De Premierminister,

(s.) Luc FRIEDEN